



Info - Blat

No 39
Januar 2025

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

De ganze Comité vun der Amicale des Anciens élèves wënscht Iech an aerer Famill e schéint néit Joer an eng gudd Gesondheet. Hei e klengen Iwwerbléck ob dat wat an de leschte Wochen a Méint gelaf ass, an en Ausbléck ob d'Joer 2025.

12. Juli 2024 Remise des Certificats am Tramsschapp um Lampertsbierg.

E ganz grouse Moment ass et fir all Bedeelegt, déi un der Diplomiwwereeschung deel huelen. Och dest Joer gouffen d'Diplomer vum Educatiounsminister Meisch, dem Här Thill, Direkter vum Lycée Privé Emile Metz, an dem Här Wantz, Direkter adjoint un d'Schüler vun den Ofschlossklassen iwwerreicht.

An dësem Kader huet d'Amicale dëst Joer, e Präis un zwee « Élève Méritant » iwwerreicht.



12. Oktober 2024 Visitt vun der SEBES zu Eschduerf

22 Memberen hate sech fir des Visitt ugemellt.

Ob engem flotte Circuit vun 48 Statioune konnt een eppes iwwert d'Wasser am allgemengen awer och speziell iwwert d'Drenkwasser gewuer ginn. Wéi gëtt et gespaichert, wéi geschitt d'Opbereedung a wéi gett et weider geleet?

No der Visitt vun der Sebes ass et dunn am Grupp zesummen an de Restaurant gängen, fir nach e puer gemittlech Stonne maddene kennen ze verbrennen.



13. Abrëll 2025 – 13. Oktober 2025

Ob deem Datum fënnt zu Osaka an Japan d'Weltausstellung statt, an den Lycée Privé Emile Metz ass do aktiv Vertrueden. An Zesummenarbecht mam CNFPC vun Esch huet d'Schrainerklass aus dem leschte Léierjoer mat hieren Schrainermeeschtere eng Keelebunn gebaut. Dës Keelebunn di zu Lëtzebuerg gebaut, obgericht an ageweit ginn ass gëtt elo oofgericht, ob Osaka a Japan geflunn, an am lëtzebuerger Pavillion vun der Weltausstellung obgebaut. D'Mechanik vun der Keelebunn ass ganz restauréiert ginn an d'Holzdeeler sinn komplett ernéiert ginn. En intressante Reportage iwwert d'Hierstellung kann ee schonn ob RTL gesinn. Et ass awer secher net di leschte Kéier dass ons Schoul an d'Keelebunn ob der Télé ze gesi waert sinn.

<https://play.rtl.lu/shows/lb/de-magazin/episodes/r/3398727>

<https://www.expo2025.or.jp/en/>

